De Wanderveräin Muselfrënn Uewerdonwen wollt emol eng Kéier den Awunner vun Uewerdonwen an Ëmgéigend

villmools MERCI

soen fir hiert Verständnis an hir Bedeelegung un eisen organiséierten Wanderungen.

Mir wëssen dat ze schätzen , dass eis alljäerlech organiséiert Wanderung hei zou Uewerdonwen an Ëmgéigend, wou ëmmerhin bis zou 1000 Wanderer deelhuelen, esou onproblematesch opgeholl geet. Villmools Merci.

Mir schwätzen di Uewerdonwener Leit an all Wanderbegeeschtert aus der Gemeng Fluessweiler an Ëmgéigend un sech bei eis am Veräin anzeschreiwen. Mir sichen fir Weiderbestoen vun eisem Veräin Jonker an manner Jonker vun Uewerdonwen an Ëmgéigend , déi Loscht um Wanderen hunn fir eisen Veräin ze verstäerken.

## Maacht mat !

Iwwert ganzt Joer ginn eleng hei am Ländchen +/- 68 IVV-Wanderungen ugebueden.

Ob der Jonk oder Jonk-Gebliwwen sidd, ob der mat der Famill oder an enger Grupp oder eleng deelhuelt, hei trefft der Gläichgesënnter, déi ganz séier zu Frënn ginn.

Wanderstrecken sinn an der Reegel 5,10 an 20 km laang an gutt beschëldert. Als Rondstrecken féieren se erëm op de Start zeréck. Dir braucht näischt weider ze maachen wéi dohinner ze goen an matzewanderen. Dir sidd Wëllkomm.

ECLUSE
HOTELRESTAURANT
www.hotel-ecluse.lu

TOITURES GREGORIUS
ZËNTER 1875

**Virdeeler an engem Wanderveräin ageschriwwen ze sinn , bestinn weider doran:**

- Gesondheet duerch reegelméisseg sportlech Aktivitéit ze férderen,

- Onst schéint Land an seng Natur besser kennen ze léieren,

- Bei deenen vun den Wanderveräiner organiséierten Wanderungen verséchert ze sinn,

- Un den Dages- an Weekendreesen an not Ausland mat engem geréngen finanziellen Opwand deelzehuelen.

Et ass keen Muss, dass en all Weekend un enger Wanderung deelhuelen muss. Do maacht Dir wéi Dir wëllt.

Weider Informatiounen iwwert den Veräin an seng Virdeeler krit Dir gären beim

Hilde van Beusekom , Präsidentin Tel.: 34 81 01 Email : hildevbb@gmail.com

Fernand Dax , Sekretär Tél.: 661 26 10 52 Email : dendax@pt.lu

Mir hoffen, dass mir lech mat dësen Schreiwen fir Wanderen konnten begeeschteren, an hoffen lech an onsem Veräin begréissen ze kennen.

De Kalenner fir IVV- Wanderungen fann Dir op www.flmp-ivv.lu

DUERFFEST zou Uewerdonwen ***9.6. – 14.6.2019***

Duerffest - Schnupperwanderung zou Uewerdonwen

11. Juni 2019, um 14:30 Auer

